N° 4595
Reçue le 28.07.2021

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère du Travail, de l'Emploi et
de l'Économie sociale et solidaire

**Monsieur Marc HANSEN**
**Ministre aux Relations avec le Parlement**
**Service Central de Législation**
**5, rue Plaetis**
**L - 2338 Luxembourg**

Luxembourg, le 28 juillet 2021

| | |
|---|---|
| Agent en charge | M. Armin Skrozic |
| Tel : | 247 86122 |
| Courriel : | armin.skrozic@mt.etat.lu |
| Référence interne | MT/SA/QP/QP N°4595 |

**Concerne : Question parlementaire N°4595 de l'honorable Député Fred Keup**

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous transmettre ci-joint la réponse à la question parlementaire sous rubrique.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments distingués.

**pr. le Ministre du Travail, de l'Emploi**
**et de l'Economie sociale et solidaire**

**Tom OSWALD**
**Coordinateur général**

26, rue Sainte-Zithe
L-2763 Luxembourg

Tel : (+352)247-86122
Fax : (+352) 49 38 76

info@mte.public.lu
www.mte.public.lu

www.gouvernement.lu
www.luxembourg.lu

**Äntwert vum Här Minister fir Aarbecht a Beschäftegung a fir Sozial - a Solidarwirtschaft Dan Kersch op d'parlamentaresch Fro n°4595 vum honorablen Deputéierten Fred Keup**

**Ad. 1**

D'Ausso vum honorablen Deputéierten ass esou net richteg. Eng vun den Haaptmissiounen vun der ADEM ass et de Leit ze hëllefen déi Kompetenzen ze kréien déi um lëtzebuerger Aarbechtsmaart gefrot ginn.

Dofir ginn d'Sproochekenntnisser ausdrécklech am Formulaire vun der déclaration de poste vacant gefrot, deen d'Betriber ausfëllen wa si eng fräi Plaz bei der ADEM mellen. A 35% vun den Offeren ginn Kenntnisser am Lëtzebuergeschen gefrot an dofir ënnerstëtzt d'ADEM d'Kandidaten déi Lëtzebuergesch wëlle léieren. Esou goufen an de läschten 3 Schouljoer 7.000 sougenannten Bongen fir Sproochecoursë am Lëtzebuergeschen vun der ADEM erausginn, d.h. dass déi Aarbechtssichend d'Sproochecoursë zu engem tarif réduit maache kënnen.

Et ass awer och eng Realitéit, dass och aner Sproochekenntnisser, virun allem am Franséischen, ganz wichteg sinn fir um lëtzebuergeschen Aarbechtsmaart Fouss ze faassen an d'ADEM dowéinst och gezielt Franséischcoursën ubidd. An dësem Kontext kann een op 2 interessant Études hiweisen:

- Le luxembourgeois reste la langue la plus utilisée à domicile (20-05-2019 | STATEC) ; le français est la langue la plus utilisée au travail ;

- Le français est la langue la plus demandée dans les offres d'emploi au Luxembourg (UNI.lu 2010).

**Ad. 2**

Wat d'Acteuren ugeet, esou sinn dat nieft dem INL e.a. verschidden Gemengen, d'Asbl MOIEN, verschidde Lycéeën oder de Mouvement Egalité des chances.

**Ad. 3**

D'Léieren vun der lëtzebuerger Sprooch ass ganz sécher net iwwerflësseg um Lëtzebuerger Aarbechtsmaart. Am éischten Semester vun 2021, goufen eng ronn 20.000 oppen Plazen bei der ADEM gemellt. A 35% vun de Fäll sinn Kenntnisser vun der Lëtzebuerger Sprooch gefrot ginn. Dësen Prozentsaz ass iwwert d'Zäit relativ konstant bliwwen, wéi een an der Tabell ënnen drënner gesäit.

Et gëtt awer grouss Ënnerscheeder tëscht den eenzelen Beruffsgruppen. Am Joer 2021 gëtt an den Gesondheetsberuffer d'Lëtzebuergesch an 90% vun de Fäll gefrot, am Handel an 59% vun de Fäll.

Op der anerer Säit spillt d'lëtzebuerger Sprooch am Finanzsecteur (16%) an an der Industrie (21%) eng manner wichteg Roll.

| Domaine ROME * | 2015 | 2016 | 2017 | 2018 | 2019 | 2020 | 2021 |
|---|---|---|---|---|---|---|---|
| Santé | 91 % | 88 % | 92 % | 89 % | 93 % | 91 % | 90 % |
| Commerce, vente et grande distribution | 60 % | 58 % | 64 % | 62 % | 59 % | 61 % | 59 % |
| Agriculture et pêche, espaces naturels et espaces verts, soins aux animaux | 57 % | 65 % | 53 % | 54 % | 52 % | 57 % | 53 % |
| Spectacle | 47 % | 49 % | 50 % | 73 % | 43 % | 55 % | 57 % |
| Arts et façonnage d'ouvrages d'art | 56 % | 45 % | 47 % | 46 % | 58 % | 67 % | 67 % |
| Services à la personne et à la collectivité | 55 % | 55 % | 54 % | 51 % | 50 % | 55 % | 50 % |
| Communication, media et multimedia | 47 % | 40 % | 46 % | 43 % | 53 % | 43 % | 50 % |
| Installation et maintenance | 42 % | 45 % | 45 % | 44 % | 49 % | 46 % | 46 % |
| Transport et logistique | 40 % | 37 % | 37 % | 38 % | 35 % | 40 % | 42 % |
| Hôtellerie- restauration tourisme loisirs et animation | 37 % | 29 % | 33 % | 31 % | 28 % | 31 % | 34 % |
| Support à l'entreprise | 29 % | 30 % | 28 % | 28 % | 28 % | 27 % | 29 % |
| Construction, bâtiment et travaux publics | 23 % | 25 % | 27 % | 27 % | 27 % | 26 % | 25 % |
| Industrie | 24 % | 25 % | 24 % | 26 % | 23 % | 27 % | 21 % |
| Banque, assurance, immobilier | 15 % | 17 % | 16 % | 13 % | 13 % | 16 % | 16 % |
| **Total** | **36 %** | **36 %** | **37 %** | **35 %** | **35 %** | **36 %** | **35 %** |

Och innerhalb vun dëse Gruppen kann et deelweis nach grouss Ënnerscheeder ginn. Als Beispill kann een hei den Beräich vun den Déngschtleeschtungen fir d'Betriiber (Support à l'entreprise) nennen. Am Beräich vum Sekretariat a vun der Personalverwaltung (Ressources humaines) gëtt an 61%, respektiv 48% vun de Fäll Kenntnisser vun der lëtzebuerger Sprooch verlaangt. An der Informatik sinn et just 17%. Am Beräich vun den Déngschtleeschtungen fir Persoun an d'Allgemengheet (Services à la personne et à la collectivité) fënnt ee Beruffer wéi den Éducateur oder den Assistant Social wou d'lëtzebuerger Sprooch quasi onëmgänglech ass (96% vun den Plazen). Op der anerer Säit spillt d'Lëtzebuergesch eng manner wichteg Roll am Botzsecteur (33%), an der Fuerschung (26%) oder an der Juristerei (17%).